fieldgen
Lycée privé classique et général

Réseau des écoles Doctrine Chrétienne

Lëtzebuerg, den 10. November 2025

# ELTERENDAG

**Samschdeg, den 29. November 2025 vun 8 bis 13 Auer**

Madamm, Monsieur,
Léif Elteren,

Mir invitéieren Iech op eisen Elterendag, wou dir d'Geleeënheet hutt, mat den Professeren, Educateuren an der Direktioun ze schwätzen an iech auszetauschen.

Mir hoffen, dass dësen Dag Iech d'Méiglechkeet gëtt fir Äntwerten op Är Froen ze kréien an datt Dir och ee méi perséinlechen Kontakt mat den Enseignanten kennt knëppen.

Un iech ze decidéieren, op äert Kand bei de Gespréicher soll dobäi sinn, oder ob der léiwer eleng mam Enseignant schwätzt.

All eis Enseignanten, Educateuren an d'Direktioun stinn Iech fir ee Gespréich an der Schoul zur Verfügung fir iwwer déi schoulesch Entwécklung vun Ärem Kand, iwwer de Schoulsystem an d'Orientatioun oder iwwer Froen zur Disziplin ze schwätzen.

Wann Äert Meedchen Interne ass, kenn Dir deen Dag och mat sengem Educateur aus dem **Internat** schwätzen.

Dir kënnt am **WEBUNTIS** – eist elektronescht Klassebuch – **e Maximum vun fënnef (5) Rendez-Vousen** mat de Professeren, déi Dir wëllt gesinn, fixéieren. Do dernieft kënnt dir och nach Rendez-Vousen mat eisen Educateuren oder der Direktioun maachen.

**Dës Rendez-Vousen** kënnen **tëschent dem 17. November, 17 Auer, an dem 26. November, 22 Auer,** festgeluecht ginn. Fir weider Informatioune liest w.e.g. d'Explikatiounen, déi mir iech hei matschécken. **Dir kënnt zu all Zäit d'Lëscht mat Ären Rendez-Vousen op WebUntis gesinn**.

Wann der Hëlleft braucht, da kënn der iech bei der Madamm Kohl iwwer Telefon oder Mail mellen : 49 94 31 530 / denise.kohl@epf.lu.

Äert Kand ka sech awer och mat ären Disponibilitéiten an de Nimm vun deenen Enseiganten, déi Dir gäre géingt gesinn, beim Regent oder bei der Madamm Kohl am Büro B144 mellen.

Dir kennt och **vun engem Enseignant zousätzlech convoquéiert** ginn, dann ass déi Rei am WebUntis **orange ënnerluecht**. **Fir d'Convocatioun ze confirméieren, muss dir Iech dann bei deem Enseignant ee Rendezvous huelen.**

Wann den **relevé des notes intermédiaire (RNI)** vun ärem Kand **Probleemer an der Schoul** opweist, **musst Dir onbedéngt e Rendez-Vous beim Regent** huelen fir doriwwer ze diskutéieren.

Mir freeën eis iech op dësem Dag ze begéinen.

D'Direktiounsekipp an d'Professeren vum Fieldgen